LËTZEBUERGER JONGBAUEREN A JONGWËNZER a.s.b.l.
Association des Jeunes Agriculteurs et Viticulteurs
du Grand-Duché de Luxembourg

Lëtzebuerg, de 5. Juni 2015

Foire Agricole fir Kanner

e Freideg, den 3. Juli 2015

Léift Léierpersonal,

Zesumme mam Organisateur vun der **Foire Agricole Ettelbréck** (FAE) invitéieren d'*Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer* Iech ganz häerzlech, fir e ***Freideg, de 3. Juli 2015*** - zesumme mat Ärer Schoulklass vum Enseignement fondamental - e puer intressant Stonnen op der FAE zu Ettelbréck ze verbréngen.

D'Kanner hunn iwwer dëse Wee d'Geleeënheet, fir d'Landwirtschaft, de ländleche Raum an d'Natur mat all hiren Diversitéiten ze erliewen. Et gëtt deemno vill fir déi Kleng an déi Jonk ze kucken, ze froen an och ze schmaachen.

Den Accueil vun alle Schoulklassen ass bei der Entrée vun der FAE (Däichhal), wou Dir niewent den **Entréesbilljeten** (gratis) och e Plang vum Site ausgedeelt kritt.

Dir kënnt Iech fir eng vun deene folgende Formulen entscheeden, déi dëst Joer um Programm stinn, an déi Äre Schüler am Beschten entgéintkommen:

1. **Visite ouni Féierung**

   Nom Accueil sidd dir fräigestallt, fir Iech op der Ausstellung ze bewegen, wéi dat dem Rhythmus vun der Schoulklass entsprécht.

2. **Visite mat Féierung**

   Beim Accueil kritt Dir e jonke Member vun eiser Associatioun als Guide zougedeelt, deen d'Schoulklass iwwer de Site vun der FAE begleet an op d'Froe vun de Kanner ageet.

3. **Visite vun der FAE mat Bedeelegung un engem, zwee oder dräi Atelieren**

   An Zesummenaarbecht mam Organisateur vun der FAE bidde verschidden Aussteller de Kanner en Atelier un. D'Detailer fannt Dir an der Annexe.

Aus organisatoresche Grënn weise mir drop hin, datt Dir Är Schoulklass fir maximal dräi Atelieren aschreiwe kënnt (d'Visite mat Féierung ass als een Atelier ze betruechten). Och muss aus verständleche Grënn ëmmer en Intervall vun enger halwer Stonn tëschent den Atelieren ageplangt ginn.

Mir bieden Iech deemno, Är Schoulklass **vum 8. Juni bis spéitstens den 22. Juni 2015** am Sekretariat vun der *Lëtzebuerger Landjugend - Jongbaueren a Jongwënzer* unzemelle

- **vun 09:00 – 12:00 Auer** um Tel. 44743 – 252
- oder per Email landjugend@pt.lu

Vergiesst w.e.g net, fir d'Schoulklass, de Numm an d'Telefonsnummer vum Responsablen, d'Unzuel vun de Kanner - **a ganz wichteg** – den Atelier unzeginn.

Mir freeën äis op Äre Besuch !